ich

# Den Dahm's Misch huet eis verlooss

wéi hien als Schoulmeesch-
i Beruff gewëssenhaft ausge-
huet, sou huet hien alles
akt. Et konnt een sech op hie
ossen.

Saz as am Parblat vun Di-
fir d'Zäit vum 23. Juli bis den
ugust ze liesen, an et as rich-
Weider steet an dësem Par-

at hien am Krich erliewt hat,
ien staark geprägt. Awer hie
ët klengzekréien. Hien huet
afft, esou vill hie konnt. Hie
trei zur Par a war nëmmen
Kéier am Keller bei sénge Ma-
nen, wou hie während Jaren
ëckt huet an ëmmer neess nei
hen ugeschaaft huet, sou datt
lo eng wonnerbar Maschinn
toën hun, wou een sech nët
ch knaschteg ze maachen, fir
rblat ofzezéien. Him een häerz-
Merci fir alles, wat hien fir
geleescht huet.

ng Fra, séng Kanner, a mir all
ten hien nach laang vermös-
Bei all Begriefnis war hien um
ksall fir ze sangen. Ni hätt hien
Mass verpasst. Mat Iwerzee-
huet hie säi Glaw gelieft.

en huet kaum een am Stach
oss, esou weit hien ët nach
ckt huet. Sénger Fra, sénge



Kanner a Kannskanner, sénger ganzer Famill soë mir haut eist häerzlechst Bäileed a mir bieden den Härgott, datt hie mat him Erbaarmen huet an hien ophëllt a séng Gemeinschaft."

Sou huet den Dechen Jean-Pierre Heuschling hie beschriwwen, an et passt horgenee fir den Dahm's Misch, deen den 9. Juli no kuurzer Krankheet an no zwou Operatioune verstuerwen as.

Dat hätt nach kee vun dene gemengt, déi vun der Amicale des Anciens de Torgau am Abrëll vun dësem Joer mat op Torgau woren, fir ze erliewen, wéi et no 50 Joer do ausgesäit, wou d'Russen an d'Amerikaner sech d'Hand gereecht hun, an d'Lëtzebuerger Prisonnéier aus dem Prisong koumen.

Déi Rees hat den Dahm's Misch mat vill Äifer als Sekretär vun der Amicale virbereet.

Den Dahm's Misch wor am Krich uerg blesséiert gin an déi schro Wonne vun deemols hun d'Saach nët méi einfach gemaach. De Misch huet nët geklot, mee hien huet laang gelidde bis hien erléist wor.

D'Nouvelle vu séngem Doud koum awer fir vill Frënn onerwaart, well hien, wéi gesot, an der Pensioun nach vill fir d'Par an anerer geleescht huet.

Säi Liewe wor voller Aarbecht bis un d'Enn.

De Michel Dahm as den 13. Abrëll 1922 zu Dikrich op d'Welt komm, also an engem vun dene manner gudde Joren.

Aus dem Kolléisch vun Dikrich as hien an d'Normalschoul gaangen an do 1942 als Schoulmeeschter erauskomm.

Vun do u wor hie bis 1943 zu Syr, vun 1945 bis 1953 zu Méischtrëff, vun 1953 bis 1957 zu Këntzeg a vum neie Schouljoer un bis 1982 zu Dikrich.

Hie wor e gudde Schoulmeeschter an huet iwwerall do eng Hand ugepaakt, wou hie gefrot gin as.

Vun 1943 bis 1945 wor hien agezunn, as awer iwwer de Gronn zu Torgau geland.

An deem halwe Jorhonnert, an apaart no der Pensioun, huet de Michel Dahm äifreg fir „Ons Jongen" geschafft, wor en treie Mêmber vun der Chorale an der Kiirch an huet vill Stonnen an Deeg am Keller bei de Maschinne gestanen, fir d'Parblat ze drécken.

Kuurz gesot, de Michel Dahm hat allerhand opweises als Schoulmeeschter a spéider absëns fir séng Heemechtsstad.

Dobäi huet hien och all Méigleches fir séng Familje geleescht.

Elo sin et schons e puer Wochen hir, datt den Dahm's Misch an der Éiwegkeet as.

Hien gët vu ville vermësst, ma am meeschte vu Fra a Kanner, deenen hei nach eng Kéier en häerzlechst Bäileed ausgedréckt gët.

Den Dahm's Misch gët nët vergiess, well hien esouvill a séngem Liewe fir anerer an d'Familje geleescht huet.

W.R.

maache mat engem Don un „Hëllef doheem Woltz“, CCP 68059-62, mam Vermierk „Don Jean-Marie Bourg“.

945639

---

DEN ANDRÉ-CITROËN-CLUB LËTZEBUERG

huet déi traureg Flicht, den Doud vu séngem Grënnungsmêmber a fréiere Sekretär, dem

**Jean-Marie Bourg**

matzedelen.

Sénger Fra, sénge Kanner an der ganzer Famill drécke mir eist häerzlechst Bäileed aus.

Mir wäerten de Jean-Marie a beschter Erënnerung behalen.

945662

---

D'MÊMBERE
VUN DER AMICALE
DES ANCIENS DE TORGAU

bedaueren den Doud vun hirem Grënnungsmêmber an äifrege Sekretär

**Misch Dahm**

matzedelen ze mussen.

Laang Joren huet hie vill Zäit fir déi Amicale hirgin an hie gët duerfir nët vergiess.

945650

---

dat maache mat eng...
buerg“, CCP 48-48, mam Vermierk „... nes Mull...

---



Mat schwierem Häerzen dele mir den Dud mat vun eisem léiwen an unvergeesliche Mann, Papp, Schwierpapp, Bopi, Schwar, Monni, Cousin an Dafpätter, dem

**Här Michel Dahm**

**Schullmeester**
**Zwangsrekrutéiert**

Hen as gestuerwen e Sonndig, den 9. Juli 1995, am Alter vun 73 Jar, am Fridde mat eiser Herrgott.

D'Begreefnis as am engste Familjekrees.

D'Mass as e Mëttwoch, den 12. Juli 1995, ëm 15.30 Auer an der Dekanatskiirch zu Dikrich.

Mir vergeessen hen nët:

Marie-Anne Dahm-Bergh, séng Fra;
Micheline a Jacques Dahm-Schiltges,
an hir Kanner Anne, Martine, Monique a Pit
Nelly a Jemp Dahm-Krier,
an hir Kanner Conny, sei Frënd Laurent, a Claudine;
Patricia a Camille Dahm-Heijnen,
an hir Kanner Jacques, Charel a Monique
Léa a Georges Dahm-Thoma an hir Kanner Claire a Ben;
Marcy a Romain Besenius-Dahm
an hir Kanner Eric a Corinne, séng Kanner;
d'Kanner vun de Familjen Roth-Dahm a Lacaf-Dahm
an d'ganz Famill.

**Dikrich,** Monnerich an Angelduerf, den 11. Juli 1995.

Déi Lett, déi besonnich wëllen und hen dinken, duerfen en Don op de CCP 88 305-35 vun der „Bréck mat Latäinamerika“ man, mat dem Vermierk „Michel Dahm“.

945635

maache mat engem Don un „Hëllef doheem Woltz“, CCP 68059-62, mam Vermierk „Don Jean-Marie Bourg“.
945639

---

DEN ANDRÉ-CITROËN-CLUB LËTZEBUERG

huet déi traureg Flicht, den Doud vu séngem Grënnungsmêmber a fréiere Sekretär, dem

**Jean-Marie Bourg**

matzedelen.

Sénger Fra, sénge Kanner an der ganzer Famill drécke mir eist häerzlechst Bäileed aus.

Mir wäerten de Jean-Marie a beschter Erënnerung behalen.
945662

---

D'MÊMBERE
VUN DER AMICALE
DES ANCIENS DE TORGAU

bedaueren den Doud vun hirem Grënnungsmêmber an äifrege Sekretär

**Misch Dahm**

matzedelen ze mussen.

Laang Joren huet hie vill Zäit fir déi Amicale hirgin an hie gët duerfir nët vergiess.
945650

---

buerg“, CCP 48-48, mam Vermierk „...

---



Mat schwierem Häerzen dele mir den Dud mat vun eisem léiwen an unvergeesliche Mann, Papp, Schwierpapp, Bopi, Schwar, Monni, Cousin an Dafpätter, dem

**Här Michel Dahm**

**Schullmeester**
**Zwangsrekrutéiert**

Hen as gestuerwen e Sonndig, den 9. Juli 1995, am Alter vun 73 Jar, am Fridde mat eiser Herrgott.

D'Begreefnis as am engste Familjekrees.

D'Mass as e Mëttwoch, den 12. Juli 1995, ëm 15.30 Auer an der Dekanatskiirch zu Dikrich.

Mir vergeessen hen nët:

Marie-Anne Dahm-Bergh, séng Fra;
Micheline a Jacques Dahm-Schiltges,
an hir Kanner Anne, Martine, Monique a Pit
Nelly a Jemp Dahm-Krier,
an hir Kanner Conny, sei Frënd Laurent, a Claudine;
Patricia a Camille Dahm-Heijnen,
an hir Kanner Jacques, Charel a Monique
Léa a Georges Dahm-Thoma an hir Kanner Claire a Ben;
Marcy a Romain Besenius-Dahm
an hir Kanner Eric a Corinne, séng Kanner;
d'Kanner vun de Familjen Roth-Dahm a Lacaf-Dahm
an d'ganz Famill.

**Dikrich,** Monnerich an Angelduerf, den 11. Juli 1995.

Déi Lett, déi besonnich wëllen und hen dinken, duerfen en Don op de CCP 88 305-35 vun der „Bréck mat Latäinamerika“ man, mat dem Vermierk „Michel Dahm“.
945635